adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 NOV. 2018
52

Här Gast Gibéryen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. November 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Den Här Marc Wagener, Direkter fir Wirtschafts-Affäre vun der Chambre de Commerce, huet an engem Interview vum 19. November géintiwwer RTL betount, datt de neigeschaaften Nationalrot fir d'Produktivitéit (Conseil national de la productivité, CNP) net onofhängeg genuch ass. Et wär deemno sou, datt de Wirtschaftsminister d'Leit fir an dëse Gremium ernenne géif. Dem Här Marc Wagener no wier dëst eng verpasste Chance, eppes komplett Onofhängeges ze schafen, ouni politesche Background, wou objektiv kéint berode ginn, wat een am Land am Beräich vun der wirtschaftlecher Kompetitivitéit brauch.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Wirtschaftsminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt hie selwer d'Leit fir de Nationalrot fir d'Produktivitéit ernennt? Wa jo, wat sinn d'Critère fir déi Ernennungen?
2. Wéi ass dem Här Minister seng Positioun zu där diskutéierter Problematik, datt e politeschen Afloss op de Nationalrot fir Produktivitéit kontraproduktiv wär an datt dëse Gremium besser als politesch onofhängegt Organ funktionéiere sollt?
3. Ass den Här Minister der Meenung, datt de Nationalrot fir Produktivitéit seng Informatiounen aus alle pertinente Quelle ka bezéien an net nëmme vun offizielle lëtzebuergesche Quellen, wéi z.B. dem Statec?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser,
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 23 novembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 52 du 23.11.2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Conseil national de la productivité

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Gast Gibéryen
Président de la Chambre des Députés